



Groupe parlementaire

N°6774
Entrée le 06.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.09.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

Indien huet viru kuerzem säin zweete Flugzeugträger "Vikrant" an den Déngscht vu senger Marine gestallt. Et handelt sech gläichzäiteg ëm den éischte vun dësen Apparater, deen den indesche Subkontinentalstaat selwer produzéiert huet. Parallel huet Indien an der rezenter Vergaangenheet nach zu deene Länner gehéiert, déi aus Lëtzebuerg Entwécklungshëllef bezéien.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Kooperatiounsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, ob Indien aktuell nach direkt oder indirekt iwwer privat Stellvertriederorganisatiounen, weiderhin ëffentlech Lëtzeburger Entwécklungsgelder empfänkt? Falls jo, kann den Här Minister preziséieren, mat wéi engem Zil, bis zu wéi engem Enddatum, eventuell iwwert wéi eng Organisatioun an ënnert wéi engem Budgetartikel déi Sue fléissen?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, op hien et allgemeng fir opportun hält, Entwécklungshëllef un e Land auszebezuelen, dat bewisen huet, datt et am Beräich vun der Arméi, der Raumfaart asw. méttlerweil zu deenen technologesch erfollegräichste Länner vun der Welt gehéiert a preziséieren a wéi engen Zäitofstänn d'Krittären ob e Land nach eligibel fir Entwécklungshëllef ass, iwwerpréift an aktualiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

**Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten op
d'parlamentaresch Fro N° 6774 vum 6. September 2022 vum Här Deputéierten Fred Keup**

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, ob Indien aktuell nach direkt oder indirekt iwwer privat Stellvertriederorganisatiounen, weiderhin öffentlech Lëtzebuerger Entwécklungsgelder empfängt? Falls jo, kann den Här Minister präzisieren, mat wéi engem Zil, bis zu wéi engem Enddatum, eventuell iwwert wéi eng Organisatioun an ënnert wéi engem Budgetartikel déi Sue fléissen?**

Falls mat "Stellvertriederorganisatiounen", ONGen oder aner Organisatioune gemengt sinn déi an Indien Projeten ëmsetzen, dann ass et esou, dass de Ministère aktuell d'Projeten a Programmer vun 9 Lëtzebuerger ONGen co-finanziert mat engem Gesamtbetrag (MAEE-Undeel) vun 4,58 Milliounen Euro. Dës Projeten a Programmer ginn tëschent 2019 an 2026 ëmgesat. D'Fongen dofir kommen vum Fond de la Coopération au Développement, wéi d'Fongen fir all d'Projeten an der Entwécklungszesummenaarbecht mat Lëtzebuerger ONGen.

Déi genannten ONGen sinn a verschidde Beräicher aktiv, beispillsweis Mënscherechter, Bekämpfung vun der sexueller Ausbeutung vun Kanner an Jonker, Bekämpfung vun der Gewalt géint Meedercher a Fraen, schoulesch Infrastrukturen, Educatioun, Agrarentwécklung.

- 2) Kann den Här Minister matdeelen, op hien et allgemeng fir opportun hält, Entwécklungshëllef un e Land auszebezuelen, dat bewisen huet, datt et am Beräich vun der Arméi, der Raumfaart asw. mëttlerweil zu deenen technologesch erfollegräichste Länner vun der Welt gehéiert a präzisieren a wéi engen Zäitofstänn d'Krittären ob e Land nach eligibel fir Entwécklungshëllef ass, iwwerprüft an aktualiséiert ginn?**

D'Hauptziler vun dësen Projeten sinn d'Aarmut an d' Ongläichheeten am Land ze bekämpfen, ganz am Sënn vun eiser Strategie fir Entwécklungszesummenaarbecht. All d'Projeten, déi vun dësen ONGen ëmgesat ginn, cibléieren vulnerabel Persounen, déi entweder an enger wirtschaftlech oder sozial schwieriger Situatioun sinn oder fir hir Rechter besser ze schützen.

Sou wéi et am Artikel 11, Paragraph 4, an deem vun der Chamber gestëmmte Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d' Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Aktioun festgehale gouf, dat 2017 op dësem Punkt modifizéiert gouf, ass d'Lëscht vun de Länner déi eligibel sinn fir Entwécklungshëllef déi, déi vum *Comité d'aide au développement* vun der OCDE all Joer opgestallt gëtt.

Luxembourg, le 15 septembre 2022
Le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

(s.) Franz Fayot